adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

FIR DATT D'KIERCH AM DUERF BLEIFT!

D'Gambia-Parteie waren ugetrueden, fir Lëtzebuerg gesellschaftspolitesch ze "moderniséieren". Dozou huet och déi ominéis „Trennung vu Kierch a Staat" gehéiert. Wat ass dann d'Resultat vun dëser Operatioun?

- De Reliounsunterrecht ass an der ëffentlecher Schoul ofgeschaaft.
- D'Kierchefabrécke sinn enteegent an ofgeschaaft.
- D'Kierchegebaier sinn ouni Récksiicht op déi reell Proprietéitsverhältnesser de Gemengen oder dem „Fong" iwwerdroe ginn.
- D'Gemenge musse Loyer fir d'Kierche froen an däerfen net méi fir lafend Käschten opkommen.

Dat alles ass net am Dialog, mee mat der Briechstaang duerchgesat ginn. De Bannenminister Kersch huet esouguer säi Versprieche gebrach, den Accord tëscht dem Bistum an de Kierchefabrécken ze respektéieren. Hien huet esouguer refuséiert, de SYFEL als legitim Vertriedung vun de Kierchefabrécken och nëmmen unzehéieren.

D'Aarbecht vun ongezielte Benevollen ass ignoréiert a mat Féiss getrëppelt ginn.

Den eigentlech zoustännege Kultusminister Bettel ass ënnergedaucht an huet de Pafefrësser Kersch gewäerde gelooss. Dat a flagranter Verletzung vum Arrêté grand-ducal iwwert d'Zoustännegkeete vun de Ministeren. Du jamais vu!
Hannert deem ganze Manöver steet eng extrem kierchefeindlech Astellung an d'Absicht, d'kathoulesch Kierch ze ruinéiere respektiv definitiv futti ze maachen. Dës Kierchefeindlechkeet mécht och net virun der Oktav an der Sprangprëssessioun, déi zu eisem Patrimoine culturel gehéieren, Halt. D'ADR verueerteelt dëse reliouns- a kulturpolitesche Kalschlag op d'allerschäerfst.

Staat a Kierch sollen zesummen an net géintenee schaffen!

D'chrëschtlech Reliouun gehéiert zu eiser Geschicht, Traditioun a Kultur. An eis Kanner hunn e Recht drop, an hirer Relioun ënnerriicht ze ginn oder als Alternativ de Moralunterrecht ze wielen. Duerfir engagéiert d'ADR sech kompromëss los fir d'Erëm-Aféiere vum CHOIX, esou ewéi et an der Petitioun mat ronn 26.000 Ënnerschrëfte gefuerdert gi war. Mir wäerten och de Verbuet vun der Co-Finanzéierung vun de Kierchen duerch d'Gemengen erëm ofschafen, wat iwwregens eng flagrant Verletzung vun der Gemengenautonomie duerstellt.

Eis Kierchen a kierchlech Traditioune sinn e wäertvollen Deel vun eisem kulturelle Patrimoine!

Dat muss och an Zukunft esou bleiwen. D'ADR wäert derfir suergen, datt d'Kierch och an Zukunft am Duerf bleift... wann DIR, léif Wielerinnen a Wieler, eis esou stäerkt, datt dat politesch ëmgesat gi muss.
Nodeems d'CSV-Spëtzt deklaréiert huet, nëmmen eng Koalitioun mat enger vun deenen dräi Parteien agoen ze wëllen, déi an deene leschte fënnef Joer alles dru gesat hunn, fir d'Kierch futti ze maachen, sollt jiddereen, deem chrëschtlech Wäerter an Traditiounen eppes bedeiten, alarméiert sinn: Nëmme wann d'ADR massiv gestäerkt gëtt, ass eng Remedur an e konstruktiivt Zesummeschaffe vu Kierch a Staat méiglech.

Duerfir de 14. Oktober:
ALL ÄR STËMME FIR D'ADR!